

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Info-Box	
Bestell-Nummer:	13022LU
Sprooch:	Lëtzebuergesch
Kaméidistëck:	3 Akte
Bünebiller:	1 - tëschend 2 Haiser
Spilldauer:	+/- 100 Min.
Rollen:	10
Fraen:	5
Männer:	5
Rollensatz:	11 Hefte
Preis Rollensatz	152,00€
Aufführungsgebühr pro Aufführung: 10% der Einnahmen mindestens jedoch 85,00€	

13022LU

Titanic däerf net ënnergoen

(Kaméidistëck an 3 Akten)

vum

Helmut Schmidt

iwwersat vum

Jos Weimerskirch

Inhalt

Di bestuete Koppel Metty a Ketty Dillebourg stinn virun enger schwéierer Entscheedung. Hire Café "Titanic" – zënter iwwer 150 Joer am Familljebesëtz – huet d' Dieren zougemaach a soll verkaaft ginn well de Metty duerch seng Spillscholden finanziell keng aner Méiglechkeet méi gesäit. Well hien ower dee gemiddleche Bistro vu senger Mamm (Boma Rosa) geierft huet fält him dës Décisioun net liicht, déi ass zwar zënter enger Zäit dement a kritt vun deem ganzen Verkaf näischt mat. Dat mengt op mannst de Metty. De Jos Schortgen vu Prüm keeft schlussendlech dës Bistro, an zwar wäit ënnert dem erhoffte Präis.

Mee kee konnt ahnen, dass hien no enger klenger Renovatioun aus dem urege Café e Bordell mécht – an dat direkt Dier un Dier mam Metty, Ketty an der Boma Rosa. Dat ganz Duerf ass opbruecht, a wéi de Paschtouer Müller ouni et ze wëssen mat engem "liichte Meedchen" schwätzt ass de Skandal perfekt. D' Ketty reecht direkt d' Scheedung an wéi si gewuer gëtt u wien de Metty d' Lokal verkaaft huet a wat deen dorausser gemaach huet. Direkt ass d' Gaby Sander mat hier Fraegrupp op der Plaz a wëll deem wëllen Dreiwen en Enn setzen

Hir Demo géint de e Schandfleck sinn an der Planung, hir Methoden net di feinst an de Jos gëtt brutal gefesselt. Wéi dat ganz bal ze eskaléiert, kënn d' Boma Rosa schliisslech mat enger onméiglecher Geschicht. Well zesummen mat hirem Enkel Ronny huet si de ganze Chaos ze verantworten fir dass d' Titanic net ënnergeet.

spillt zu der heiteger Zäit

Bühnebild

D' Bühnebild ass eng bausse Kuliss. Maer gesinn e grouse Gaart, lenks oder riets dervun ass d' Haus vun der Famill Dillebourg mat Dier a Fënster. Déi huet optesch nach de Flair vun enger Wiertschaft aus de 70ger Joeren. Iwwert der Dier hängt dat als Schëld "Café Titanic" Och d' Schëld gesäit dreckeg an al aus, deelweis kann een Buschtawen net méi liesen. Virum Café ass eng al Bänk. Et soll een däitlech gesinn dass eng Renovatioun net vu Muttwëll ass. Virum Haus vun den Dillebourg gesäit et propper a frëndlech aus. Eventuell e Blummebett, Blummekiwwel ua. Am Gaart vir seet e Gaardendesch am e puer Still. Et ass een Op- bzw. Ofgang néideg.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Persounen

Persounen	Beschreibung	Asätz
Rosalie Dillebourg	(genannt Boma Rosa) (ca. 70 – 80 Joer al)	94
Metty	Hire Bouf	132
Ketty	Hir Schnauer	126
Ronny	Hiren Enkel	78
Pierre Müller	Paschtouer	83
Jos Schortgen	Wiert	58
Tina "Tamara" Vermeulen	Klassekomerodin vum Ronny	62
Angela "Angie" Cording	Dem Ronny seng Frëndin	82
Guillaume Couturier	Gaascht	44
Gaby Sander	Fraebeoptragten	97

Info.: Der braucht fir dëst Stéck 3 Musek Titelen "My heart will go on" vum Céline Dion, d' instrumental - Stéck "Theme from Titanic", an och "Auf der Reeperbahn nachts um halb eins" vum Hans Albers.

Akt 1

(Wann de Riddo opgeet ass kee Spiller op der Bühn. Et ass Freides Nomëttes géint 15.15 Auer. Wann der wëllt kënn der och d' Stéck mam instrumentalt-Stéck "Theme from Titanic" ufänken wat lues opklängt ier di 1st Szeen ufänkt.)

Szeen 1

(D' Ketty kënnt aus der Wiertschaft, huet eng Botzlomp an der Hand déi se dann ausrëselt. Vill Stëbs kënnt do eraus [ass mat Miel schéin ze weisen], d' Ketty houscht haart.)

Metty: (kënnt e bësse generft aus dem Haus, huet eng Dageszeitung an der Hand)
Ketty, wat ass elo? (kuckt op d' Auer) Et ass geschwënn halwer Véier. Soss Du net, géint Dräi soll hien hei sinn?

Ketty: Vu Prüm bis heihinner muss ee schonn e puer Stonne fueren, dat mat den 3 Auer wäert net esou genau goen zemol et iwwerall staut.

Metty: Dat Waarden mécht mech ganz verréckt. Wat méchs Du iwwerhaapt?

Ketty: Ech wollt d' Wiertschaft e bëssen an d' Rei setzen. Mee dat geet net a fënnef Minutten. Domadder hätt ech sécher éischer ufänke missen.

Metty: Botzen brauchst Du di Brack elo och net méi. Ëmmerhin steet déi schonn iwwert en hallef Joer eidel do. Entweder keeft een se esou wéi se ausgesäit, oder e muss et loossen. Eise Präis ass fair - an do ass den Dreck inklusiv. Ech hu virdrunner an der Zeitung vun haut gekuckt. Do sicht een eng Verkaafsfläch vun 125 m2.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Ketty: Do brauchst du guer net unzeruffen. Als Buttek eegent sech eis Wiertschaft iwverhaapt net. Wann een eppes dorausser maache wëll, da muss et nees eppes wéi eng Wiertschaft sinn.

Metty: Ech verstinn iwverhaapt net, dass een aus Prüm heihinner wëll, fir hei villäicht nees e Bistro opzemaachen? Dat ass net einfach - besonnesch an eiser heiteger Zäit an hei an eisem klengen Duerf.

Ketty: 150 Joer laang huet hei an der Titanic de Gaascht eppes z' iessen an ze drénke kritt. (*e bëssen wehleideg*) A wann ech dorunner denken, dass et och di ganzen Zäiten am Familljebesetz war ... Et ass schonn traureg, dass elo alles op emol eriwwer ass.

Metty: Jo – awer wat kënne maer dodrunner änneren? Di jonk Leit treffen sech haut am Internetcafé, am Pub an de Cluben oder esou, an di eeler Leit, ech weess net? D' Zäiten vun de Bestoë sinn esou gudd wéi eriwwer.

Ketty: Jo, deen aus dem Hondsréck huet Courage. Ma gudd. Wann hien onbedengt kafe wëll. Fir wat net? Op mannst um Telefon war hien interesséiert. An d' Tatsaache si jo bekannt.

Metty: Du hues him jo awer net gesot, dass d' Titanic schonn 6 Méint zou ass, well keng Klientë méi komm sinn?

Ketty: Metty - dat hunn ech dach misse soen. Schon alleng wann hien d' Bicher kontrolléiert wäert hien um Ëmsaz gesinn, dass dee kleng ass. Mee hien war ower interesséiert (*licht entsat*). A well maer grad beim Thema sinn; maer hunn d' Titanic net zougemaach well et un der Clientèle gefeelt huet.

Metty: Jo, jo, lo fänkt net schonn nees mat dëser Priedegt un. Ech alleng sinn dorunner Schold, ech weess.

Ketty: Jo dat bass de och. Et deet maer Leed, dass ech Daer dat ëmmer nees soe muss, mee wat stëmmt, stëmmt. Maer mussen d' Wiertschaft verkafen - wéi solle maer soss deng Spillscholden zeréck bezuelen?

Metty (séier): Reg dech net esou op - ech sinn haut schonn esou gudd gelaunt. (*rosen fort an d' Haus*)

Szeen 2

Pierre (kënnt vu riets op d' Bühn, en huet e Pak Paarblieder vun der Por an der Hand): Moie Madame Dillebourg.

Ketty (aus hiren Erënnerungen erausgerappt): Oh Haer Paschtouer. Aech och e Gudde Moien.

Pierre: Ass haut net e wonnerbaren Dag?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Ketty: Dat stëmmt wann der d' Wierder mengt - Wëll Daer net erakommen ech offréieren Aech eng Taass Kaffi oder Téi?

Pierre: Géif ech gären, wann ech Zäit hätt. Mee ech muss di aner Päck Paarblieder nach verdeelen an dann och nach bei d' Madame Hilger, déi gëtt der haut 93.

Ketty: Ah jo richtig, ech hunn dat an der Zeitung gelies. Ass déi nach ëmmer gudd drop?

Pierre: O, jo. Si kënnt heiansdo an d' Mass. *(leet de Koup op den Gaardendesch)*

Ketty *(kann et bal net gleewen)*: Dat kann ee sech bal net virstellen.

Pierre: Mat Sécherheet. Et kann een dem Häergott net genuch Merci soen, wann een an esou engem Alter nach esou gesond ass - virun allem de Kapp nach kloer huet.

Ketty *(këmmt)*: Jo, du hu Daer Recht.

Pierre: O, dat deet maer elo sou Leed. Wéi geet et eigentlech aerer Schwéiermamm?

Ketty: Ma wéi ëmmer. Maer däerfen se bal net alleng loossen. Si ass ganz duercherneen. An dat mat 77. Dobai ass se kierperlech ganz gesont.

Pierre: Schued, dass hire Verstand net méi funktionéiert. Wéi laang ass si schonns esou?

Ketty: Virun engem hallwe Joer huet ob eemol alles ugefaang.

Pierre: Alzheimer?

Ketty: Den Dokter schwätzt net dovunner. D' Tester waren all negativ. Eppes Genaues huet hien bis haut nach net gesot. Nujee, e kann sécher näischt do maachen a maer mussen domat liewen. Wee weess, et gëtt villäicht besser?

Pierre: Madame Dillebourg, ech wënschen Aech vill Kraaft. An huet ärem Mann an ärer Schwéiermamm e schéine Bonjour mat. *(wëll scho fort)*

Ketty: Maachen ech. - Haer Paschtouer ass et an der Rei, wann ech d' Paarblieder eréischt muer verdeelen? Et soll all Ament Besuch kommen. Vu Prüm. An ech weess net op ech dat nach virunner packen.

Pierre: Loosst Aech Zäit. D' Auerzäiten an eisem Blat sinn eréischt ab e nächste Sonnden.

Ketty: Ah sou. Wonnerbar.

Pierre: Bis geschwënn Madame Dillebourg. *(no hannen fort)*

Ketty: Äddi Haer Paschtouer. *(kuckt sech de Bistro nach eng Kéier un a fänkt un d' Klensch mat hirer Botzlomp ze poléieren. Aus dem Haus kënnt Musek Titel N 1. [Hei*

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

wier et schéin wann d' Musek genau no 3 Min. 12 Sekonnen ufänke géif.] D' Ketty dann nach zum instrumentalen Deel.) Oh neen ... wann ech gelift net scho nees. (dann nach ongeféier 30 Sekonnen vum Musekstéck)

Rosalie (*haart ruffend aus dem Haus*): HELLEF !!! Hëllef maer dach. Jack! Jack! Gitt net! Gitt net! Kommt zeréck! Kommt zeréck!

(D' Ketty verschränkt d' Äerm virun der Broscht steet gelangweilt an e bëssen generft do well si déi Szeen schonn oft erlieft huet.)

Metty (*haart aus dem Haus*): B o m a !!! Lo rapp dech - ëmmer nees dee selwechten Spektakel (*d' Musek gött lo abrupt ofgestallt*)

Rosalie (*rifft nees*): Gitt net! Kommt zeréck!

Metty: Boma, du häls elo op. Hei ass alles an der Rei. Du brauchst keng Angscht virun eppes ze hunn.

Szeen 3

Rosalie (*kënnst an engem Nuetshiem aus dem Haus gelaf, si huet eng Trillerpäif am Mond déi se sech ëm den Hals gebonnen huet, si päift domat, leeft séier vum Haus zu der anerer Säit. Hieft d' Äerm a kuckt flehend liicht no uewen*): Kommt zeréck. Jack – verlooss mech net! Oh Jack!!! (*D' Ketty huet si guer net gesinn*)

Metty (*kënnst och derbäi, stellt sech niewent d' Ketty, kuckt och generft a gelangweilt zu senger Mamm*): Ass et mol nees esou wäit?

Ketty: Zweek Deeg huet se eis a Rou gelooss mat hirem Titanic Tick.

Rosalie: Jack.

Metty: Boma.

Rosalie (*kuckt ëmmer nach virun sech an d' Näischt*): Jack !!!

Metty (*haart resolut*): B O M A !!!

Rosalie (*lues a flehend*): Oh Jack., Du kanns mech dach elo net alleng loossen. (*dann nees ganz haart*) Maer ginn ënner.

Szeen 4

Pierre (*ass séier vun hannen zeréckkomm an e bëssen erfieert*): Em Gottes Wëllen. Kann ech hëllef? (*steet elo no beim Rosalie*)

Rosalie (*paakt de Paschtouer un de Schëlleren*): Jack, de Kapitän sot en hätt eis e Schëff gebaut wat net ënnergoe kéint. Mee dat stëmmt net a maer hunn net genuch Rettungsbooter. O Jack.... (*rëself en heftig*)

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

(De Metty an d' Ketty kënnen et bal net gleewen.)

Pierre: Müller, Madame Dillebourg. Mäin Numm ass Pierre Müller - net Jack. Ech sinn de Paschtouer. - Wann der elo esou fein wäert, meng Schëlleren nees lass ze loossen.

Rosalie: Net de Jack? Mee ech sinn dach d' Rose. Kenns Du mech net méi? Hues de en anert fonnt? *(léisst e lues lass)*

Metty *(kënnst och derbäi):* Du bass NET op der Titanic. - Du bass NET d' Rose Dewitt-Beaucaster, hei ass och néierens een dee Jack heescht. - Maer sinn hei u Land - doheem. Et gött keng Ursaach fir Angscht ze hunn.

Rosalie: Gött et net? Haut ass och net de 15. Abrëll 1912?

Pierre: Dat gött et net, - si leeft an der Vergaangenheet.

Ketty *(kënnst elo och derzou):* Daer musst villmools entschëllegen Haer Paschtouer. Dat ass eis wierklech onangenehm. - Boma! Elo ass Schluss mat der Mäercher. Wat soll de Paschtouer vun eis denken?

Pierre *(reift ech di lenks oder di riets Schëller vu Péng):* Si kann dach net dofir.

Rosalie: Metty, et sinn 2020 Séilen um Schëff a fir méi wéi fir d' Halschent hu maer kee Rettungsboot.

Metty: Sécher Boma - dat ass eng Tragedie. Mee dat ass alles schonn iwuer 100 Joer hier. Lo sätz dech fir d' éischt emol op d' Bänk a beroueg dech *(féiert se bei d' Bänk)*.

(D' Rosalie sätzt sech drop an ass ëmmer nach ganz "verzweiwelt".)

Pierre *(zum Ketty):* Ech wousst jo guer net, dass et mat ärer Mamm esou schlëmm ass.

Ketty *(e bëssen entsat):* Schold dorunner ass just eise Ronny. Hien huet virun enger Zäitchen zesummen mat der Bomi de Film "Titanic" gekuckt, an zënter hir huet se déi mat der Ratsch. Virunner war alles an der Rei.

Metty: Jo, an dat wat am verrécksten ass, si bréngt et fäerdeg den DVD-Player selwer unzemaachen. Frot eis net wéi si dat mécht.

Ketty: 25 Mol huet si de Film sécher scho gekuckt. Ëmmer an ëmmer nees leeft deen. A wa maer e weg huelen - jo da flippt si richteg aus.

Metty: Si seet, si géif hoffen, dass d' Titanic eng Kéier net ënner geet an hire léiwen Jack um Liewe bleift.

Ketty: Genee, Et ass net auszehalen.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Pierre: Villäicht sollt se sech léiwer de "Quiz Duell" oder "Wer weiss denn sowas" ukucken. Dat fördert d' Gehir.

Ketty: O, dat mécht se och. Wëll der Si emol héieren? (*geet bei d' Rosalie*) Boma, wat hu maer haut fir en Dag?

Rosalie: Äh, ... dofir géif ech gären d' Publikum froen.

Ketty: Gesi der?

Metty: Boma, wou studéiert eise Ronny? Zu Salzburg, Wien oder Innsbruck?

Rosalie: Haer Jauch, ech huelen de Telefon-Joker.

Pierre: Net ze gleewen. Kritt si da guer näischt vun reelle Liewe mat?

Ketty: Dat ass verschidden. Heiansdo kann een och normal mat hir schwätzen, an zu aneren Deeg – wéi haut – ass et ganz schlëmm. Metty, lo géi awer mat hir an d' Haus. Wa si net schlofe wëll, dann déi hir op mannst Kleeder un. - Leeft am Nuetshiem erëm - wat sollen do blous d' Leit denken?

Metty: Jo Ketty. - Komm Boma, maer ginn an d' Haus. An do dinn maer eis un. (*geet mat hir a Richtung Haus*) Wat wëlls de dann am léifsten? Deng beschte gréng Box oder léiwer e Rack mat Bluse?

Rosalie: Wësst der Haer Jauch, do huelen ech de fifty-fifty Joker.

Metty: An der Réi, Boma. (*béid fort*)

Szeen 5

Pierre (*gëtt dem Ketty d' Hand*): Madame Dillebourg - wann Daer Hëllef braucht - Daer wësst jo - de Parrot steet Aech zur Verfügung.

Ketty: Dat ass fein Haer Paschtouer - mee maer ginn ganz gutt mat allem eens. Mäi Mann ass jo doheem an huet Zäit zënter de Bistro zou huet, a maer kréien jo och en Deel Fleegegeld.

Pierre: Wéi Daer mengt. (*kuerz Paus*) Äre Bistro soll verkaf ginn? Et erzielt een sech esou eppes am Duerf.

Ketty: Dat ass richtig. Maer waarde grad op den éischten Interessent.

Pierre: Schued eigentlech. Wann ech mech richtig erënneren, war deen ëmmer an der Famill.

Ketty: Jo, méi wéi 150 Joer, mee wat soll ee maachen? Iergend eng Kéier ass alles eriwwer. - Alles huet seng Zäit.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Pierre: An do gött et net d' Méiglechkeet, dass Daer et nach eng Kéier probéiert? Et geet mech jo näischt un, mee eng kleng Renovatioun géif villäicht duer goen.

Ketty: Wësst der Haer Paschtouer, dat ass net esou einfach.

Pierre: Et deet maer Leed, ech sollt mech net amëschen. Ech kommen der Deeg nach eng Kéier laanscht *.(gestikuléiert fir Äddi ze soen)* Madame Dillebourg - ... *(geet fort)*

Ketty: Haer Paschtouer ...

Szeen 6

Gaby *(kënn mat enger Akaafstut zur Dier eran)*: Oh, Moien Haer Paschtouer.

Pierre: Moien Madame Sander. Ech gratuléieren Aech fir ären Erfolleg.

Gaby: Merci. Merci. Et mécht ee wat ee kann.

Pierre: Aech nach e schéinen Dag. *(elo endgölteg fort)*

Szeen 7

Gaby *(riff him no)*: Aech och Haer Paschtouer.
- Ketty, wéi gesäit et aus? War de Keefer schonn do? Wéi ass et gelaf?

Ketty: Moie Gaby. - Nee maer waarde nach ëmmer.

Gaby: Dee war nach guer net hei? Villäicht wëll dee guer net kommen. Weess de ech hat emol eng Vitrine an der Zeitung fir ze verkafen. Du weess dach - déi hell Eechen, wou de Gusty wéi e voll war, eng Kéier, eng Zigarette drop ausgedréckt huet an di Tatsaach maer esou op d' Nerven gaangen ass ...

Ketty: Jo, jo.

Gaby: Déi huet deemools ee kaf, ouni se virdrun kucken ze kommen. All deenen aneren déi duerno gefrot hunn, hunn ech missen ofsoen. An dat waren der op mannst 20. A wat ass zum Schluss erauskomm? Deen, dee se kaf hat, ass ni komm, huet sech ni méi gemellt an ass d' Vitrine och ni siche komm. Sou sinn eben d' Leit.

Ketty: Jo, mee et muss een awer och bedenken, dass eisen Interessent vu Prüm hir kënnt. Dat ass jo och kee Kazesprong. An hei geet et ëmmerhin em en Haus a net ëm en al Vitrine. - An ier ech et vergiessen - ech gratuléieren Daer natierlech och aus ganzen Häerzen fir dän Erfolleg.

Gaby: Villmools Merci. Obwuel ech e bëssen enttäuscht sinn, dass Du bei der Demonstratioun net derbäi waars.

Ketty: Ech hat beim beschte Wëllen keng Zäit. De Metty hat virgëschter e Rendezvous beim Aendokter an de Ronny kënnt eréischt haut nees zeréck vun Innsbruck. Do konnt

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwten, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

ech d'Boma jo onméiglech alleng loossen. Si ass a leschter Zäit besonnesch ustrengend.

Gaby: An der Réi. Ech verstinn.

Ketty: Zu wéi vill wat der? An der Zeitung stoung näischt.

Gaby: D' Zeitungen - déi schreiwten esouwéisou nëmmen d' Halschend. Zu 24 Frae ware maer. Jiddereen hat e Biischtestill mat engem Plakat an der Hand. Rëselen a Päifen a wat weess ech net alles. An ech hat e Megafon. (*seet de Sproch op*) "Swingerclub séier fort vun hei well alles ass hei an der Rei". An dann nach "Eist Duerf ass schéin a propper - Maer wëllen hei keng Popper". Klängt gudd gell? Hunn ech alles selwer gedicht. Joooo, du häss emol misse gesinn wat maer alles esou a Bewegung setzen. Wann ECH nach eng Kéier eng Demo organiséieren ...

Ketty: Hätt ech och gäre gesinn. - Sou wéi ech awer matkrut hunn, hätt souwisou d' Gemeng net zougelooss, dass sech hei e Swingerclub nidderloosse géif.

Gaby (*e bëssen ageschnaapt*): Jo a wa schonn, d' Demo virum Haus mat der Fraegrupp war den TEPPELCHEN UM i, AN DAT STEET OCH AN DER Zeitung.

Ketty: Jo, jo ech gleewen der jo.

Gaby: Endlech kann ech nees roueg schlofen. Ech hätt keen A méi zoukritt wann ech maer virstellen dass eist proppert Duerf esou e Schwäikrom krut hätt. Sou eppes nennt sech dann och nach ganz rücksichtsvoll "Club Haus". Dobäi weess dach wuel jiddereen wat do wierklech geschitt. Eekeleg esou eppes.

Ketty: Esou eppes muss an der Stat bleiwen - du hues Recht Gaby.

Gaby: Dobäi sinn ech jo sécher net prüd, och wann d' Leit dat heiansdo mengen. O nee. Wann ech eng Kéier e Film gesinn, mat gudden erotesche Szeen, fannen ech dat genau esou reizvoll wéi jidder aneren.

Ketty: E Film ass jo awer och eppes ganz anescht, wei esou eppes hei live an eiser Noperschaft, gell du?

Gaby: Eist Duerf waer een, zwee, dräi zum Sënnen-Babelonien ginn. Mee ech a meng Fraen hunn eis duerchgesat. Wann et d' Männer bässt, da sollen se dach schwammen goen. Dat killt och ganz schéin of.

Ketty: Äh, dat verstinn ech elo net.

Gaby: Ketty, du verlaangs jo lo net, dass ech Daer dat erklären.

Ketty: Et ass och villäicht besser, wanns Du dat net méchs.

Gaby: Männer - also ech kann do nëmmen Negatives soen. Zënter, dass de Gusty an ech gescheet sinn an ech mäin eegenen Haer sinn, liewen ech glécklech. Ech verstinn guer net, dass Du nach ëmmer esou un dengem Metty hänks.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwten, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Ketty: Also lauschter emol - Du kanns jo elo net verlaangen, dass all Fra deng Meenung misst hunn. Dat muss du schonn jidderengem eenzel iwwerloossen.

Gaby: Jo, jo reeg dech of. Maachen ech jo. Maachen ech jo.

(Vun hannen héiert een haart Pop- oder Rockmusek. D' Ketty an d' Gaby erféieren, d' Ketty seufzt dann erliichtert op, well si sech denke kann wat dat bedeit, lächelt, da kënnt ...)

Szeen 8

(... de Ronny vun hannen op d' Bühn. En huet e Ghattoblaster op senger Schëller aus dem Musek kënnt, an der Hand huet hien eng grouss Sport- bzw. Reestäsch.)

Ketty *(freet sech):* RONNY !!!! *(breet hir Äerm aus)*

Ronny *(mécht de Player aus a stellt deen an d' Posch nidder, ëmäermet seng Mamm):* Moie Mamm. Moie Madame Sander.

Gaby: Moie Ronny. Oh Ketty, dat gött nees Aarbecht fir dech. Eng grouss Posch, voll mat Wäsch.

Ketty: Dat mécht näischt. Ronny, wéi waren deng Wochen?

Ronny: Sou wéi ëmmer.

Gaby: Also ech froe mech ëmmer nees wéi ee Medezin studéiere kann. All Kéier wann ech op der Télé esou eng Serie kucken, gött et maer schlecht wann se do operéieren.

Ronny: Tja Madame Sander, mee wann et net di Hallefgötter a wäiss géif ginn, da géif d' Welt och däischer ausgesinn.

Ketty: Jo mäi Jong, do hues de recht. *(rifft zum Haus)* Metty. De Ronny ass do!

Gaby: Wéi wäit bass Du mam Studium?

Ronny: Siwent Semester.

Gaby: A wat ass grad bei Aech um Programm?

Ronny: Pathologie.

Gaby: Em Gottes Wëllen. Daer schneit jo a Wierklechkeet net doudeg Leit op a kuckt a se eran?

Ronny: Dach, dat maache maer. Wësst der Madame Sander - wann ech esou e Gehir an dënn Scheiwen geschnidden hunn gött ...

Ketty: Ronny wgl. keng Detailer soss wëll ech den Owend näischt méi iessen.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Ronny (*voller Freed*): Ech soe jo näischt méi. - Mee ech wollt wëssen, wat ass hei an de leschte Woche geschidd?

Ketty: Ma ... Maer hunn eis elo endgölteg décidéiert, de Bistro ze verkafen. Maer waarden elo grad op deen éischten Interessenten.

Ronny (*mécht ganz erstaunt*): WAT?

Szeen 9

Metty (*kënnst aus dem Haus*): Ronny, schéin dass du nees hei bass. (*seet him Moien*)

Ronny: Papp - Wéi konnt s du dat maachen?

Metty: Wat dann?

Ronny: D' Wiertschaft wëllen ze verkafen Wat seet d' Boma do derzou?

Ketty: D' Boma weess dach guer näischt méi dovunner.

Ronny: A Jo, dorunner hat ech net méi geduecht.

Metty: Mee well maer grad dovunner schwätzen: Du kucks der ni méi mat der Boma e Film un, héiers de? Virun allem keng dramatesch.

Ronny: Hä?

Metty: D' Boma huet en Titanic-Tick. Zënter si dëse Film gekuckt huet, ass si net méi ze erdroen.

Ronny: Wat? Mee dee Film hat hir esou gudd gefall.

Ketty: Jo, an zwar esou gudd, dass se deen 3 Mol am Dag kuckt a sech abillt, si wär selwer um Schëff.

Gaby: Wierklech? Ketty dovunner has Du maer nach näischt gesot.

Ketty: Ma, dat ass jo traureg genuch - mat esou eppes geet dee net feel. Si gleeft si wier d' Rose aus dem Film, also dat Kate Winslet.

Ronny: Moment emol. Zwar ass d' Boma e bëssen duercherneen a si kritt och net méi alles mat, mee op esou e Blödsinn falen ech net eran.

(*Et ertéint nees d' Lidd N1, un exakt der selwechter Plaz wéi virdrun an da jäitzt d' Rosa nees haart aus dem Haus*)

Rosalie: JACK !!! JACK!

Ketty: Nee net scho nees. An, wat hunn ech gesot. Scho geet et nees lass.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Ronny: Wahnsinn.

Gaby: Net ze gleewen.

Ketty: Metty – maach eppes!

Metty: Jo Ketty. *(geet nees an d' Haus, kuerz Paus, d' Musek hält op nodeem d' Rosalie e puer Mol haart de Numm Jack geruff huet)*

Gaby: War Daer schonn bei engem Spezialist? Dokterméisseg mengen ech.

Ketty: Dat huet kee Sënn. Hiren Hausdokter, den Dr. Koullen, huet gesot maer missten eis einfach domat offannen.

Szeen 10

(D' Rosalie kennt aus dem Haus. Si huet de Pyjama net méi un mee e Rack an eng Bluse, déi se ower nëmmen "hallef" ugedo huet andeem se nëmmen een Ärmel dran huet. Dorënner nëmmen Ennerwäsch. Si stiermt op de Ronny lass.)

Rosalie: Jack! Oh Jack do bass de jo endlech. *(fält him an d' Äerm)*

(De Metty kennt nees aus dem Haus iwwerdeems en de Kapp rëselt.)

Ketty: Ech duecht du häss se ugedoen!

Metty: Sou wäit sinn ech nach guer net komm.

Gaby: Freck wat ass dat krass bei Aech.

Rosalie: Jack wees de nach? Wann s du sprengs da sprangen ech och. Mee maer ginn ënner. Dat ass eist Enn.

Ronny *(versicht se ze berouegen a spillt hir Titanic-Mache mat):* Rose, weess de wat: De Film huet eis belunn maer hu genuch Rettungsbooter. Et gëtt e Rettungsboot fir jiddereen. Du kanns maer gleewen. *(deet hir d' Bluse un a knäppt se och zou)*

Rosalie: Ass dat wouer? Jack ass dat wierklech wouer?

Ronny: Jo, du hues mäin Eierewuert.

Rosalie *(dréckt sech widdert en):* Dat berouegt mech. O Jack

Ronny: Komm Rose, maer ginn an d' Haus.

Rosalie: Jack. Wëlls du mech molen? Wann ech di grouss Ketten, "Heart of the ocean" un hunn? A soss näischt?

Ronny: Sécher Rose. Ech molen dech. Wann s du d'Ketten un hues a soss näischt. *(fort mat hir an d' Haus)*

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Szeen 11

Gaby: De Ronny wëll si dach wierklech net molen wa si putzpudelnackeg ass, oder? Dofir brauch hien dach Stonnen, bei der Fale Landschaft.

Metty: Gaby so näischt esou. Hee seet jo just esou.

Ketty: Also wann dat esou weidergeet, ech weess net ob ech dat nach laang aushalen.

Gaby: Hu Daer schonn eng Kéier dorunner geduecht, dass si et an engem Heim villäicht besser hätt?

Metty (séier): Nee, kënnt net a Fro!

Gaby: Ma fir wat da net? Se soen d' Annexe vum Altersheim zu Péiteng wier esou schéin. Et héiert ee just Positives.

Ketty: Maer kréie jo vun der "Assurance dépendance" e bësse Geld.

Metty (bestëmmend): Genau. An dorobber kënne maer op kee Fall verzichten ...

Ketty (räuspert sech haart) : Metty. *(duerno séier)* Ech mengen, also – sou laang maer dat psychesch aushalen, këmmere maer eis selwer ëm d' Boma.

Gaby: Jo, jo, ech mengen ech hu verstanen.

Ketty: Ech maachen dem Ronny elo emol fir d' éischt en Téi. De Jong muss duuschteg sinn no der laanger Rees vun Innsbruck. *(wëll eigentlech dem Gaby lass ginn, wat hir och geléngt)*

Gaby: Ech muss esouwéisou weider. Haut den Owend ass dach nees Fraen a Mammen. An ech muss nach Eeër a Miel kafen fir e Kuch. Maer müssen eisen Erfolleg ëmmerhin nach feieren.

Ketty: Maach dat Gaby. Bis dann. *(geet no hannen)*

Metty: Äddi.

Gaby: Äddi.

Szeen 12

(Wéi d' Gaby fort ass.)

Ketty: Metty, du bass maer mol en Held. Erzielt hir, dass maer net op d' Fleegegeld fir d' Boma verzichte kënnen. A si geet elo lass an erzielt et iwwerall weider. Dass Du all Centime verscholt hues, weess jo och bal dat ganz Duerf.

Metty: Ech sinn a Behandlung – an zënter bal 4 Méint hunn ech net méi gespillt, mee wann s du ëmmer nees domadder kënns dann, ...

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Ketty: Jo wat dann?

Metty (lues): Ech weess, dass ech domm war. An et deet maer och Leed. Mee wat soll ech da maachen? Ech kann d' Zäit net zeréck dréinen.

Ketty: Nee, mee du solls dech endlech ëm eng nei Aarbecht beméien. Zënter maer zou hunn, sëtzt Du di ganzen Zäiten doheem. Maer liewen zënter Wochen just vu mengem erspuerten Geld, dat ech als Botzfra beim Dokter Rosenberg verdéngen – nu jee a vum Fleegegeld fir d' Boma. Vun deem Koup Scholden dat maer hunn wëll ech guer net schwätzen.

Metty: Ech sichen eng Aarbecht, bestëmmt. Mee looss eis elo emol fir d' éischt d' Wirtschaft verkafen, duerno gëtt alles gudd. - Ketty dat kanns Du maer gleewen.

Ketty: Dat wier schéin. *(e bësse gelueden fort an d' Haus)*

Metty (wa si fort ass): Ëmmer erëm meckeren.

(Aus dem Haus, déi Kéier awer méi lues – d' Lidd Nr 2- (di instrumental Versioun vun Titanic))

Metty: O neen.... iergend eng Kéier dréinen ech nach duerch *(riff)* R O N N Y !!! Esou heele maer ni der Boma hiren Titanic-Tick- *(d' Musek gëtt méi haart)* Oohhh.... ech ginn nach geckeg. A wann dëse Keefer net geschwënn kënnt souwisou *(wëll och an d' Haus, wéi ...)*

Szeen 13

(... de Jos vun hanne kënnt. En huet eng Aarbechtsmapp ënnerem Aarm, genau esou haart)

Jos: Gudde Moien.

Metty (hat e net gesinn kommen, liicht erféiert, genau esou haart): Gudde Moien. *(dann haart zum Haus)* Ronny, muss ech d' Police ruffen oder wat?! *(D' Musek hält abrupt op)* Entschëllegt villmools – mäi Jong, wësst der ...?!

Jos (kënnt bei de Metty a gëtt him d' Hand): Et ass an der Reih, Maer waren och eng Kéier jonk. - Jos Schortgen - Ech mengen ech hu mat ärer Fra um Telefon geschwat.

Metty: Jo, richtig. Metty Dillebourg. Moien, Herr Schortgen.

Jos: Et deet maer Leed, dass ech e bëssen ze spéit kommen. Mee et war net esou einfach, mäi GPS ass ausgefall an ech hu missen d' Kaart lesen.

Metty: Dat kann ech maer gudd virstellen. Sot, si Daer ganz alleng heihinner komm?

Jos: Ech duecht ech géif maer d' Gebai fir d' éischt emol ukucken. - Wa maer eis een sinn, bréngen ech meng Meedercher mat.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Metty: Meng Meedercher, jo dat ass gudd. – Är Fra an aer Meedercher.

Jos: Nee bestuet sinn ech net, wann der dat mengt.

Metty: Net ... ?

Jos (*kuckt dann op de Bistro*): Sou, dat wier dann dat gudd Stéck?

Metty: Jo dat ass et. Ech ka gären d' Bicher mam Ëmsaz vun de leschte Joeren siche goen.

Jos: Nee loosst dat. Déi muss ech net hunn. Ech mengen maer mussen net vill maachen. E puer faarweg Luten wäerte schonn duer goen.

Metty: Faarweg Luten? Jo, wann der mengt, dat géif duer goen?!

Jos: Sot géif et Aech passen wa maer de Numm géife loosse? Ech fannen "Titanic" ass e schéinen Numm.

Metty: Jo. Also ech hunn näischt dergéint.

Jos: Wéivill Awunner hu der hei am Duerf?

Metty: Bei eis direkt sinn esou 2.000 Leit. Mee di ganz Gemeng zielt esou 13.000 Leit.

Jos: Dat sinn der schonn e puer.

Metty: Wann der mat rakomme wéilt. Daer wéllt sécher dat ganzt vu bannen gesinn.

Jos: Nee, ech mengen do muss ech souwisou e bëssen ëmbauen. Wéivill Raim huet dat Haus ausser de Café?

Metty: Dräi. Eng grouss Kichen an 2 Nieweraim. Di kleng Zëmmer sinn ongeféier 3 x 4 Quadratmeter an d' Kichen ass 5 op 6 Meter. An da sinn do och nach d' Toiletten.

Jos: Ah dat ass gudd. Da kënne maer aus der Kichen esouguer nach 2 kleng Raim maachen.

Metty: Wat gelift? Jo awer ... wéll der da näischt fir z' lessen ubidden? Et geet mech jo näischt un, mee un esou engem Imbiss - do verdéngt een esou munch Euro. An d' Kichen ass tiptopp an der Rei. Mat enger Friteuse an 2 Bakiewen dran.

Jos: Nee et geet net em d' lessen! Loosst eis zum finanziellen Deel kommen. Wat hu der Aech als Präis geduecht?

Metty: Ma jo, maer hunn eréischt virun 3 Joer renovéiert. E ganz neie Comptoir ass erakomm. An de Sanitär hu maer ganz ...

Jos: Wéivill Haer Schortgen?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Metty: An, an ... d' Lag ass wierklech ganz gudd. Och de Bus kritt een op 300 Meter. Mat e bësse Reklamm an der Zeitung oder mat Flyeren hu der sécher d' Bud séier voll - besonnesch de W.E. iwwer. - Am Summer géif och Glace gudd funktionéieren. Besonnesch fir Kanner, versti der?

Jos: Haer Dillebourg, iwwerloosst maer w.g.l. wat ech mam Bistro maachen, Daer wëllt verkafen - an ech sinn interesséiert. Wéi ech mäin Ëmsaz maachen dat ass meng Saach. Also?

Metty: Jo, jo Daer hutt jo Recht. - An och wa MAER an deene leschte Méint e bëssen manner Ëmsaz haten, also ... Meng Fra an ech duechten (*zaghaft*) sou 980 Dausend.

Jos: 980.000 Euro? Dat ass net ären Eescht!

Metty: Nu jee do riwwer kann ee schwätzen. Ech mengen maer hunn eis net definitiv festgeluecht. Dat ass just esou eng Orientéierung, versti Daer? Awer fair!

Jos (*kuckt sech de Bistro nach eng Kéier un*): Hhmhhh 800 – a keen Cent méi.

Metty: 800? Nee nee nee, Haer Schortgen - dat geet op kee Fall. Dat kënn der net maachen.

Jos: Fir wat kann ech dat net maachen? Wéivill Interessenten hu der soss nach?

Metty: Also, eh, eigentlech ...

Jos: Also?

Metty: (*hëlt déif Loft a versicht alles ze ginn*) Haer Schortgen, gleeft blouss net, dass maer verkafe MUSEN, an deePräis deen der maer hei offréiert kann ech op kee Fall akzeptéieren.

Jos: Haer Dillebourg! 800 Dausend Euro an d' Geschäft ass direkt gemaach wann der wëllt. Wann ech mech ëmdréinen ass et ze spéit, hu Daer dat verstanen? (*dréint sech schonn ëm*)

Metty (*séier*): Nee, nee. Et ass äh ... an der Rei. Wann der absolut net méi bezuele wëllt ... 800 Dausend also. (*hält d' Hand fir Anzeschloen dohin*)

Jos (*schléit an*): Hä, do si maer zwei séier eens ginn. Dat freet mech.

Metty: Jo, mee ech daerf guer net doriwwer nodenken - wann d' Ketty de Kafpräiss héiert. - Wëll der net mat eran kommen - da kënne maer de Kaf-Vertrag ofschléissen an op den Handel ustoussen.

Jos: Jo gären.

Metty: An äh ... wat de Präis betrëfft, ... iwwer deen musse maer net onbedingt schwätzen wa meng Fra derbäi ass?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Jos: Wann Daer Geheimnisser géigeniwwer ärer Fra hutt, ech kann de Mond halen.

Metty: Nu jee ech wëll kee Sträit am Bestiednes. Ech erklären et menger Fra am Bescht en, wann Daer scho fort sidd. Dann ass de Vertrag ënnerschriwwen a si kann näischt méi änneren.

Jos: Wéi Daer et gären hätt. Maer ass dat egal.

Metty (schonn bei d' Hausdier goend): Sot Haer Schortgen - hu Daer eigentlech guer keng Bedenken, dass dëse Lokal villäicht iwwerhaupt net funktionéiere kéint? Ech mengen, der wësst jo, dass maer zoumaachen hu missen well maer ëmmer manner Ëmsaz haten. - An do derzou kënnt nach, dass Daer vu Prüm kommt, sécher musst Daer Aech hei an der Géigend en Haus oder eng Wunneng lounen. Ech si ganz frou, dass Daer maer d' Wiertschaft ofkaaft, mee do ass awer och de grousst Risiko, wann ech dat emol einfach esou zu Aech soen däerf. Do derzou kënnt och nach, dass Daer Aech dat ganz net emol vu bannen ugekuckt hutt.

Jos: Haer Dillebourg, Daer hutt vollkommen Recht. Alles Froen déi Aech awer net beschäftege sollten, an d' Wiertschaft? Ech weess - mat e puer Béier kann een an esou enger Brak hautzedaags kee Präis méi gewannen.

Metty: Eben, dat ass et jo wat mech beschäftegt. Wat wëll der dann aus dësem Bistro maachen, wann ech froen däerf?

Jos: Ma ech duecht, dat wier Aech scho längs kloer. Dat gött e Puff – wat da soss?!

Metty: WAT????

(Béid fort an d' Haus.)

Riddo

*Dëst ass en Extrait aus dem Theaterstück
"Titanic däerf net ënnergoen?"*

Wëll Dir dat ganz Theaterstück lesen?

Da bestellt dach einfach de ganzen Text als gratis Liesprouf op eiser Websäit.

Op eiser Websäit ënnert dem Theaterstück

Gréng Bestellbox: Gratis Liesprouf, kompletten Text

Rout Bestellbox. Di ganz Rollen

Blo Bestellbox: Liesprouf per Post oder Zousatzheft zu de Rollen

Wann Iech dat Theaterstück gefallen huet, da bestellt dach einfach
di ganz Rollen am Internet op eise Websäiten.
[www. mein.theaterverlag.de](http://www.mein.theaterverlag.de)

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Vertrieb

mein-theaterverlag
41849 Wassenberg, Packeniusstr. 15

Telefon: 02432 9879280
e-mail: info@verlagsverband.de

www.mein-theaterverlag.de – www.theaterstücke-online.de – www.theaterverlag-theaterstücke.de – www.nrw-hobby.de